

WIE SI MIR IWWERHAAPT?



WÉI KONTAKTÉIERT DIR EIS?

Op eisem Internetsite fannt dir all zousätzlech Informatiounen iwwer d'ACEL. Dir kënnt eis är Froe per Mail oder och iwwer Facebook schécken.



www.acel.lu



contact@acel.lu



facebook.com/AcelLuxembourg

Mir sinn d'ACEL – d'Association des cercles d'étudiants luxembourgeois.

Mir sinn de Studentevertrieder a representéieren iwwer 40 Studentecerclen an Europa. Mir verrieden eenzel Stied a fachspezifesch Cerclen.

Dëst mécht d'ACEL zum Representant vu ronn 10.000 Studenten an zum gréissten a wichtigste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg zanter 1984.



ACEL



SPUERKEESS



2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette



ACEL
de Studentevertrieder

D'ACEL
STELLT SECH VIR

MIR REGROUPÉIEREN

Mir brénge lëtzebuergesch Studenten am Ausland, wéi och zu Lëtzebuerg, zesummen a fërdere soumat den Echange tëschent de Studenten.

Ënnert dem Haaptthema Zesummebréngen ass de Pilier vum Regroupement zoustänneg fir folgend Evenementer:



Studentebal. De gréissten Event vun der ACEL am Joer, wou d'Cerclen de Studenten op hirem eegene Stand e Patt zerwéiere kënnen.

Intercercle. En Event zu Lëtzebuerg oder am Ausland, wou ee Cercle aus enger Stad aner Lëtzebuurger Studenten op säin Event aluet.

Tournoi de Noël. E wichtegt Sportevenement fir Studenten, während deem déi verschidde Cerclen an dräi Sportarten (Basket, Fussball a Volleyball) géinteneen untrieden.

MIR INFORMÉIEREN

Am Kader vun de **Studieninformatiounen** kënnt d'ACEL an deng Schoul a beäntwert deng Froen iwwer d'äi Studium, deng Uni, deng Stad an deng Zukunft.

Um **Student fir 1 Dag** weise mir dir mat de Lëtzebuurger Studenten op der Plaz deng zukünfteg Uni an d'äi Campus a féieren dech duerch déi jeeweileg Studiestad.



Guide du Futur Étudiant (GFE). An eisem GFE fënns du Informatiounen iwwer d'äi Studium, 40 Studentestied, deng Uni an alles, wat een als Student brauch. Och d'Kontaktdat vum de Lëtzebuurger Studentekreesser sinn do ze fannen.

Guide du Futur Diplômé (GFD). Bass du geschwë fäerdeg mat dengem Studium? Am GFD fënns du Informatiounen iwwer d'Aarbechtschancen, d'Virstellungsgesprécher a méi, fir d'äi Start an d'Berufswelt ze vereinfachen. Eis Guidë kriss du bei der Spuerkeess.

MIR REPRESENTÉIEREN

D'ACEL ass politesch an ideologesch **neutral**. Dat heescht, datt mir eis onofhängeg vun eenzele Parteien oder politesche Stréimunge fir d'Wuel vum Student asetzen.

D'ACEL beméit sech d'ganz Joer iwwer, konstruktiv Gesprécher mam Ministère ze féieren, fir aktuell Themen, déi de Student betreffen, ze diskutéieren.



Esou hu mir zum Beispill de **gratis öffentlichen Transport** fir all d'Studente kënnen duerchsetzen.

Weider ënnerstëtze mir d'Lëtzebuurger Studenten, déi an Däitschland studéieren, bei der Demarche fir sech vun der **GEZ** befreien ze loossen, a Lëtzebuurger Studenten, déi a Frankräich studéieren, bei der Demande fir eng Reduktioun vun der **Taxe d'habitation**.

Du wëlls dech weider iwwer déi Themen informéieren? Op www.ancel.lu fënns du all d'Dossieren an d'Communiquéen.